N°3706
Entrée le 31.03.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus a vun der Ministesch fir Konsumenteschutz op d'parlamentaresch Fro N°3706 vum 27.02.2026 vun der honorabeler Deputéiert Claire Delcourt.**

**1.) Goufen an de leschte Méint Analysen oder Kontrolle vu Spillsand-Produiten um nationale Marché duerchgefouert? Wann jo, mat wéi enge Resultater?**

Enn Februar 2026 huet den "Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation, de la sécurité et qualité des produits et services" (ILNAS), am Kader vu senger Maartiwwerwaachung, siwen Echantillone vu Spillsand vun anere Marken iwwerpréift, déi net op der vun de belschen Autoritéite publizéierter „Blacklist" opgelëscht waren, awer nach am lëtzebuergesche Handel disponibel waren. Dës Prouwe goufen un en akkreditéierte Laboratoire fir eng Analyse geschéckt.

Déi detailléiert Analyse vum Laboratoire huet gewisen, datt all siwen Echantillonen d'europäesch Sécherheetsufuerderungen fir Spillsaachen respektéieren. Sechs Echantillonen hu keng Spueren vun Asbest opgewisen, wärend bei engem Echantillon eng minimal Quantitéit un Asbestfaser festgestallt gouf, déi awer wäit ënner der gesetzlech virgeschriwwener Limite läit.

**2.) Ass der Regierung bekannt ob betraffe Spillsand-Produkter och zu Lëtzebuerg importéiert oder verkaf goufen?**

No der Veröffentlechung vun der uewe genannter „Blacklist" huet den ILNAS direkt iwwerpréift, ob déi betraffene Spillsand-Produiten zu Lëtzebuerg disponibel waren oder verkaaft goufen. Dës Kontroll huet erginn, datt kee Produit zu deem Zäitpunkt a Geschäfter oder online disponibel war.

Am Fall vun den Online-Verkeef iwwer Amazon waren dës Produiten zwar schonn aus dem Verkaf geholl ginn, mee no Kontakt mat der Plattform gouf confirméiert, datt eng gewëssen Unzuel dovun awer u Konsumenten zu Lëtzebuerg verkaaft gi war. Amazon huet doropshin e Rappel gemaach an déi concernéiert Akeef per E-Mail iwwer de potenzielle Risiko informéiert.

Zousätzlech hunn an der Tëschenzäit e puer Supermarchéen fräiwëlleg Rappelle vun anere Spillsand-Produiten duerchgefouert, déi zu Lëtzebuerg verkaaft goufen.

**3.) Wéi eng Mesurë gesäit d'Regierung vir fir sécherzestellen, datt kontaminéiert Produiten net op de Marché kommen an/oder séier aus dem Verkéier gezu ginn?**

Den ILNAS verfollegt aktiv d'Entwécklung vun der Situatioun souwéi d'Publikatioun vun Alerten iwwert kontaminéierte Spillsand-Produiten am europäeschen Alarmsystem Safety Gate vun der Europäescher Kommissioun. Am Kader dovun gesinn d'intern Prozeduren ë. a. follgend Mesurë vir:

- Iwwerpréiwung vun der Disponibilitéit:

Soubal e Produit am Safety Gate gemellt gëtt (ob duerch eng Mesure vun enger EU-Autoritéit, vum ILNAS oder eng fräiwëlleg Notifikatioun vun engem Wirtschaftsacteur), kontrolléiert den ILNAS, ob de Produit zu Lëtzebuerg disponibel ass oder war.

- Interventioun am Fall vun engem Impakt op de Marché:

Wann de Produit zu Lëtzebuerg verkaaft gouf oder nach disponibel ass, setzt den ILNAS déi néideg Mesurë ëm, dorënner:

o Ausstellung vun engem Verkafsverbuet fir de Produit ;

o Uweisung un de verantwortleche Wirtschaftsacteur, e Rappel bei de Konsumenten duerchzeféieren an de Produit vum Marché a vun Online-Plattformen zeréckzezéien;

o Veräffentlechung vun enger Warnung um Internetsite vum ILNAS („portail-qualite.public.lu");

o Weiderleedung vun den Informatiounen un d'Direktioun fir Konsumenteschutz (DPC) an un d'"Union Luxembourgeoise des Consommateurs" (ULC), déi d'Informatiounen weider iwwert hir Internetsitten a Sozial Medie verbreeden.

**4.) Wéi eng Recommendatiounen huet d'Regierung fir Crèche wou d'Kanner mat kineeteschem Sand spillen?**

Wéi um Portail-Qualité vum ILNAS uginn[1], ginn d'Persounen, déi Produiten am Besëtz hunn, déi méiglecherweis e Risiko fir d'Gesondheet duerstellen, opgefuerdert, dës net méi ze benotzen.

Am Fall, wou esou Produiten an Crèchen an den Ëmlaf komm wieren, soll hir Notzung agestallt ginn an d'Produiten aus Virsiichtsgrënn ewechgeholl ginn. Am Sënn vum Virsiichtsprinzip ass et ubruecht, d'Produiten an engem zouene Behälter, ausserhalb vun der Reechwäit vun de Kanner, opzebewahren an d'Instruktioune betreffend de Retour un de Fournisseur oder eng entspriechend Entsuergung ze befollegen.

Et ass dobäi ze ënnersträichen, datt déi fiicht Textur vum Sand an dëse Spillsaachen d'Verbreedung vu méiglecher Faseren an der Loft limitéiert an domat de Risiko vun Inhalatioun reduzéiert, deen de wichtegste gesondheetleche Risiko duerstellt[2].

Den ILNAS steet a reegelméissegem Austausch mat der "Inspection du travail et des mines" (ITM) an mat der "Direction de la santé" a kommunizéiert all relevant Resultater, sou datt déi

[1] Alertes - Portail Qualité - Luxembourg
[2] https://sante.gouv.fr/actualites-presse/presse/communiques-de-presse/article/alerte-sur-la-presence-d-amiante-dans-des-jouets-a-base-de-sable

zoustänneg Instanzen dës Informatiounen – wann néideg – an hir Bewäertunge kënne mat afléissen loossen.

**5.) Gesäit d'Regierung Handlungsbedarf op europäeschem Niveau fir d'Kontroll vun importéierte Spillsand-Produiten ze verschäerfen?**

Den ILNAS hëllt aktiv un den europäesche Reuniounen deel, déi d'Autoritéite vun de Memberstaaten an d'Europäesch Kommissioun zesummebréngen. An dësem Kader ginn och Froen zur Maartiwwerwaachung vu Spillsand-Produiten diskutéiert, mam Zil, eng besser Ofstëmmung an eng méiglech Harmoniséierung vun de Kontrollmechanismen op EU-Niveau ze férderen.

Luxembourg, le 31/03/2026

Le Ministre de l'Économie, des
PME, de l'Énergie et du Tourisme

(s.) Lex Delles